

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. August 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Verdedegungsminister weiderzeleeden.

D'Taliban am Afghanistan hunn elo dat ganzt Land ënnert hir Kontroll bruecht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi eng Programmer, respektiv, Engagementer vu Säite vun der Lëtzebuenger Regierung lafen aktuell am Hibleck op d'Ënnerstëtzung vum Afghanistan? Goufen déi finanziell Engagementer fir dëst Joer ewell schonn ausbezuelte?
2. Ginn dës Engagementer un déi uewe beschriwwen Ëmstänn ugepasst, z.B. am humanitäre Beräich, respektiv, goufen déi Lëtzebuenger Engagementer gestoppt?
3. Wéi vill Ënnerstëtzung, u Material an u Suen, huet Lëtzebuerg - zënter sengem Engagement am Land - der Regierung, ONGen, respektiv, der afghanescher Arméi zoukomme gelooss?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten